Réunion 03/2024

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement**

**Compte rendu de la réunion du 21.03.2024**

Lieu de réunion : « Op Fréinen »
Début de la réunion : 19:00 H
Invité : Här Paul Strauss
Mme Monique Leffin E

## Ordre du jour :

1. Compte Rendu vum 21.02.2024
2. Lëschten Check iwwer d'Organisatioun "Grouss Botz 2024"
3. D'Ëmsetzung vun den Iddien vum Klima-Bündnis Lëtzebuerg fir d'Gemeng Jonglënster
(Ons Projeten fir dat 1. Semester)
- Energiekarawanne
- Velosbus
- Fresque du climat
4. Inventaire vun de Bongerten aus der Gemeng Jonglënster
5. Divers

## *1. Rapport Réunioun*

De Rapport vun der leschter Reunioun vum 21.02. ass ugeholl ginn.

## *2. Grouss Botz 2023*

Zesummen hu mir nach eemol iwwer d'Organisatioun vun der grousser Botz gekuckt.

Treffpunkt um 09:15 Auer fir d'Saachen eraus ze ginn.
(Philippe, Jean, Melanie)

De Jules féiert d'Tuuten an d'Zaangen op Eescheler an de Groeknapp.
Em de Gedrénksstand këmmeren sech de Laurent, d'Jessy an d'Sarah.
Fir de Grill an d'Fleesch suergt de Marc.
D'Leit aus dem "Service Regie" fueren d'Tuuten an Dierfer asammelen.

150 Bréidercher si beim Vic Duarte bestallt.

Et ass nach festgehal ginn, dass mir dat nächst Joer éischter missten usinn, fir duerch e pedagogesche Projet och d'Schoulkanner ze sensibiliséieren. Op deene verschiddene Schoulsiten (och de Lënster Lycée) kéinten si matmaachen fir do den Dréck opzerafen. Et soll e Bréif un d' Schoul Presidente geschriwwe gi fir sech mat hinnen ze treffen an dozou eppes auszeschaffen.

## 3. *D'Ëmsetzung vun den Iddien vum Klima-Bündnis Lëtzebuerg fir d'Gemeng Jonglënster*

### - *Energiekarawanne*

Als Invité hate mir den Här Paul Strauss vum Klimabündnis bei ons op Besuch fir ons méi detailléiert iwwer d'Energiekarawanne ze beroden.

- Mir plange fir alles am Juni virzebereeden, dass mir dann fir de September direkt prett sinn.
- De ganze Projet zitt sech iwwer en Zäitraum vu 6 - 8 Wochen.
- D' Membere vun der Kommissioun kréien eng kleng online Formatioun vum Klimabündnis fir iwwer déi wichtegst Froen informéiert ze sinn.
- Mir sollen ons ausweise kënnen an dat wär méiglech mat enger Foto, evt dem Logo an dem Stempel vun der Gemeng. (nach ze kucken)
- D'Awunner, aus dem Quartier dee mir gewielt hunn, ginn ugeschriwwen an dat op 3 verschidde Sproochen. Däitsch, Franséisch an Englesch.
  Rue de la Gare
  Rue d'Eschweiler
  Cité Gringert
  Rue de Wormeldange
  Rue Astrid Lindgren
  Um Kiem
  D'Virlag vum Bréif an e Froebou kréie mir vum Här Strauss op engem Stick. (Klimabündnis)
- Et gëtt eng Informatiounsversammlung aberuff am Festsall zu Gonnereng. Den Datum muss nach fixéiert gi fir d'Reservatioun.
- Dono gi mir zu 2 an 2 währendverschidden Auerzäite bei d'Leit Heem schellen.
- Wann d'Leit ons den Accord ginn, gi mir dat weider un den Energieberoder dee mat de Leit Kontakt ophëlt fir hinnen eng Berodung ze offréieren.

Virdu misste mir beim Schäfferot virstelleg gi fir e Budget unzefroen. Zousätzlech sollte mir Thermographie Biller offréieren. Dofir bräichte mir eng Wäermekamera. Déi si net deier. Mir kéinten och eng léinen. (Nach ze organiséieren.)

No der ganzer Aktioun ass et wichteg e Feed Back duerch e Froebou iwwer onst Resultat vun der ganzer Aktioun ze kréien.

### *- La Fresque du Climat"*

Fir d'Fresque du Climat hu mir den 18.04.2024 festgehalen. D'Séance dauert vun 19:00 – 22:00 Auer.
Agelueden ginn d'Membere vun onser Kommissioun an d'Membere vum Gemengerot. E Bréif ass eraus.
D'Melanie Wolfssteller an den Edouard Berger hunn sech bereet erkläert fir ons d'Fresque du climat an 2 Ekippen ze animéieren.

Während dem Owend ass fir Iessen (Pizza) a Gedrénks gesuergt.

### *- Velobus (Sëcher um Velo)*

Fir de Velobus oder Pedivelo ze organiséieren hu mir festgehalen, dass mir dat mat dem Schoulpersonal beschwätze fir hiren Avis ze héieren.
Mir schreiwen d'Schoulpresidenten an d'Schoulkommissioun un, fir ons mat hinnen ze treffen. Spéider kéint een och d'Verkéierskommissioun mat abannen.

## ***4. Inventaire vun de Bongerten vun der Gemeng Jonglënster***

Ons Gemengebongerten ginn zesumme vun dem SIAS an den Gemengenaarbechter ënnerhalen.
D'Jessy war de Bongert zu Aasselscheier kucken an huet mat Schrecke festgestallt, dass de Bongert an engem ganz schlechten Zoustand ass.
Fazit:

- Mir schreiwen e Bréif un d'Gemeng an de SIAS fir si iwwer den Zoustand ze informéieren. Fir de SIAS ass d'Madame Doris Bauer zoustänneg.
- Mir proposéieren de 06.06.2024 eng Visite op der Plaz mat allen Acteuren ze organiséieren

Weider besteet nach Klärungsbedarf wou mir nach Bongerten hunn an a wéi engem Zoustand déi sinn? Mir brauchen e Plang wou déi Beem all stinn a wou een Uebst plécke ka goen.

Eis nächst Réunioun ass den 18. Abrëll fir d'Fresque du Climat um 19.00 Auer.

Mat frëndleche Gréiss.

Degraux Christiane Sekretärin

Boden Jean President